PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Verschidden däitsch Medie mellen, dass d'Hiersteller vun AdBlue an Däitschland an Holland hir Produktioun gedrosselt, respektiv ganz agestallt hunn. AdBlue ass ee Produit, deen de Schuedstoffausstouss verréngert an ouni dee Camionen an och verschidde Busser an Trakteren net kënne fueren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wouhier kommen déi gréisste Quantitéiten un AdBlue, déi zu Lëtzebuerg verkaaft ginn?

2. Schonn am November 2021 war de Manktem un AdBlue een Thema an Däitschland. Huet de Minister Gespréicher mat sengem däitschen Homolog zu dësem Thema gehat?
   Wa jo, wat waren hei d'Resultater?

3. Gesäit de Minister hei am Land ee Risiko vu Versuergungsenkpäss?

4. Hunn déi betraffe Spediteuren, Busgesellschaften a Baueren nach Reserven?
   Wa jo, wéi laang géifen dës Reserven duergoen?

5. Huet de Lëtzebuerger Staat Reserven un AdBlue? Wa jo, wéi héich sinn dës Reserven?
   Wéi ginn dës Reserven am Noutfall verdeelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député